# adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
27 FEV. 2019
423

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister, den Här Bausseminister an den Här Minister fir d'Relatioune mam Parlament weiderzeleeden.

Mat Datum vum 5. Abrëll 2017 gouf e „Memorandum d'entente" tëschent dem Lëtzebuerger Unterrechtsministère an dem Bausseministère vun der portugisescher Republik ofgeschloss, dee sech virun allem mat der Promotioun vun der portugisescher Sprooch am Lëtzebuerger Schoulsystem befaasst.

Déi Lëtzebuerger Verfassung seet an hirem **Artikel 37** (Revisioun vum 25. Oktober 1956): „Le Grand-Duc fait les traités. Les traités n'auront d'effet avant d'avoir été approuvés par la loi et publiés dans les formes prévues pour la publication des lois."

No der Interpretatioun vun den héchste Jurisdiktiounen ass kloer, datt ALL internationalen Traité, och e Memorandum d'Entente, muss der Chamber zur Ratifizéierung virgeluecht ginn. („*1. Il importe peu quelle procédure ait été utilisée pour la conclusion des accords internationaux, car la procédure utilisée pour la conclusion des engagements internationaux et la forme de ces engagements sont librement déterminées par la pratique diplomatique, de même que la terminologie employée pour désigner les traités internationaux est des plus variées.*
*En dépit de leur diversité formelle, il y a cependant équivalence matérielle entre les différents instruments utilisés pour la réalisation d'une opération juridique déterminée et tous sont doués de la même force obligatoire.* *Cour, 3 décembre 1960, Pas.18, p.223*
*2. Aucune forme spéciale n'est requise pour la régularité d'un acte international dûment approuvé par la loi.* *Cour (cass.), 21 décembre 1961, Pas.18, p.424, avec note F.W.* ")
Dëst gouf nach viru kuerzem am Kader vun Accorde mat der Belsch am Verdeedegungssecteur confirméiert. Des weideren ass festzehalen, datt speziell d'Organisatioun vum Unterrechtswiesen dem Gesetz virbehalen ass. (Den **Art. 23** vun der Constitutioun seet heizou: „*La loi détermine les moyens de subvenir à l'instruction publique ainsi que les conditions de surveillance par le Gouvernement et les communes; elle règle pour le surplus*

*tout ce qui est relatif à l'enseignement et prévoit, selon des critères qu'elle détermine, un système d'aides financières en faveur des élèves et étudiants.* ")

Aus deenen Iwwerleeungen eraus wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Hat den Här Minister Meisch de 5. Abrëll 2017 d'Pleins pouvoirs fir dee Mémoire d'Entente ze ënnerschreiwen?
2. Wéini gëtt desen Accord der Chamber zur Ratifizéierung virgeluecht ?
3. Firwat gëtt den Accord schonn applizéiert, och wann en eigentlech nach net rechtskräfteg ass?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 26 mars 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et à la question parlementaire N° 423 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 2915 vum 11. Abrëll 2017 vum honorabelen Deputéierten erkläert gouf, handelt et sech bei den Dokumenter déi de 5. Abrëll 2017 ënnerschriwwe goufen, ëm Ofkommen.

Dës Accorde, an dorënner och den ugeschwatenen "Memorandum d'Entente", si vum Inhalt a vun der Form hier **net** als "Traité" ze betruechten a mussen deemno **net** nom Artikel 37 vun der Verfassung vun der Chamber ratifizéiert ginn.

Mat dëser erneiter Erklärung eriwweregen sech déi dräi Froen vum honorabelen Deputéierten.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse